LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4460 vum 15. Juli 2026 vun den Hären Deputéierte Ben Polidori a Yves Cruchten.

Déi honorabel Deputéierte froen am Kader vun hirer parlamentarescher Fro no Informatioune zur Verkéierssécherheet op der N12 tëscht Wolz an der belscher Grenz op der Wemperhaart.

Als Éischt ass ze erwänen, dass d'Ursaach vum ernimmten déidlechen Accident vum 31. Mee 2026, bei deem et tëscht Déierbech a Féitsch op enger laanger riichter Stréck zu engem Zesummestouss mat engem Bam komm ass, net definitiv konnt geklärt ginn. Der Stroossebauverwaltung léien deemno keng Informatioune vir, déi et erlaben ze bestëmmen, ob de Verloscht vun der Kontroll iwwert d'Gefier op e Fuerfeeler, e gesondheetleche Problem oder op infrastrukturell Facteuren zeréckzeféieren ass.

*Fro 1: Wéi vill Verkéiersaccidenter sinn zënter 2015 op der N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart registréiert ginn? Kann d'Madamm Ministesch eng Opstellung pro Joer virleeën, ënnerdeelt no der Gravitéit vum Accident (liicht blesséiert, schwéier blesséiert an déidlech), analog zu den Donnéeën, déi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°4225 fir d'N7 an d'B7 presentéiert goufen?*

Laut den Donnéeë vum STATEC goufen zënter 2015 op der N12 tëscht Wolz an der belscher Grenz op der Wemperhaart, déi eng Gesamtlängt vu méi wéi 25 Kilometer opweist, follgend Verkéiersaccidenter registréiert:

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Liicht blesséiert | 1 | 2 | 1 | 3 | 3 | 2 | 4 | 4 | 4 | 2 | 4 |
| Schwéier blesséiert | 5 | 4 | 1 | 1 | 2 | 0 | 1 | 2 | 3 | 2 | 1 |
| Déidlech | 1 | 0 | 0 | 1 | 1 | 1 | 0 | 1 | 1 | 0 | 1 |
| Total | 7 | 6 | 2 | 5 | 6 | 3 | 5 | 7 | 8 | 4 | 6 |

*Fro 2: Wéi vill Persoune sinn zënter 2015 op dëser Streck bei Verkéiersaccidenter ëm d'Liewe komm? Wéi verdeelen sech dës Accidenter geographesch iwwer d'Streck, a sinn eenzel Abschnitter vum Ministère oder vun der Police als "points noirs" identifizéiert oder klasséiert?*

D'Zuel vun den déidlechen Accidenter ass am Tableau heidriwwer ersiichtlech. Dës Accidenter, souwéi och all déi aner mat liicht oder schwéier Blesséierten, verdeelen sech iwwert de ganzen

Ofschnëtt vun der N12. Deemno kënne keng bestëmmten Abschnitter oder Plazen als besonnesch geféierlech oder als “point noir” identifizéiert ginn.

*Fro 3: Wéi vill Camionen a Camionnette waren zënter 2015 an de Verkéiersaccidenter op der N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart impliziéiert? Kann d'Madamm Ministesch dës Donnéeë pro Joer opgeschlësselt an ënnerdeelt no Camionen a Camionnette virleeën?*

Laut den Informatiounen, déi der Stroossebauverwaltung zur Verfügung stinn, ergëtt sech follgend Iwwersiicht:

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Camion | 1 | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Camionnette | 2 | 0 | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 | 0 |

*Fro 4: Wéi huet sech d'Verkéiersopkommes op dëser Streck zënter 2015 entwéckelt? Kann d'Madamm Ministesch déi duerchschnëttlech deeglech Verkéiersbelaaschtung pro Joer uginn, souwéi den Undeel vun de Camionen an, wann disponibel, den Undeel vum grenziwwerschreidenden Transitverkéier a Richtung Wämperhaart a Belsch?*

Unhand vu verschiddenen automatesche Compteure vun der Stroossebauverwaltung, déi sech verdeelt op der N12 tëschent Wolz an der Wemperhaart befannen, kann déi deeglech Moyenne vum Verkéier op d’Joer ausgewäert ginn. Dobäi ass awer ze bemierken, dass d’Verkéierszuelen vun de follgende Compteuren, sou wéi all anere Compteur am Land, um “*Portail des Travaux publics”* (*https://travaux.public.lu/fr/infos-trafic/comptage.html*) ëffentlech zougänglech sinn. De Public huet domat d'Méiglechkeet, déi verfügbar Donnéeën an déi verschidde Verkéiersstatistiken selwer ze consultéieren an auszewäerten.

Dës Compteuren ënnerscheeden tëscht den zwou follgende Klassen:

- Eenzelgefierer (Autoen): all Gefierer mat enger ongeféierer Längt vu bis zu 8,6 Meter;
- Notzgefierer (Schwéierverkéier): all Gefierer mat enger ongeféierer Längt vu méi wéi 8,6 Meter. An dës Kategorie falen deemno och Busser.

An de leschten 10 Joer ass keng punktuell Zielung zum grenziwwerschreidende Verkéier op där Streck gemaach ginn, sou dass dozou déi gefroten Zuelen net disponibel sinn.

Compteur n°603 tëschent Déierbech a Féitsch:

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Autoen | | | | | | | 4341 | 4400 | 4254 | 4347 | 4654 |

| | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Schwéierverkéier | De Compteur ass zënter 2021 installéiert, et si keng Donnéeë virun dësem Datum verfügbar. | | | | | | 345 | 351 | 357 | 419 | 419 |

## Compteur n°942 tëschent Féitsch an Heesdref:

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Autoen | 4779 | 5005 | 4769 | 4904 | 5091 | 4280 | 4578 | 5218 | 5114 | 5207 | 5492 |
| Schwéierverkéier | 219 | 222 | 265 | 420 | 449 | 409 | 422 | 513 | 512 | 520 | 522 |

## Compteur n°944 tëschent dem Antoniushaff a Aasselbuer:

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Autoen | 2808 | 2889 | 2486 | 2625 | 2823 | 2580 | 2865 | 3027 | 3235 | 3364 | 3234 |
| Schwéierverkéier | 174 | 189 | 89 | 212 | 287 | 275 | 324 | 349 | 345 | 322 | 257 |

## Compteur n°604 tëschent Ëlwen an Drénkelt:

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Autoen | 5296 | 5399 | 4954 | 5176 | 5374 | 4664 | 5305 | 5342 | 5399 | 5345 | 5609 |
| Schwéierverkéier | 93 | 98 | 166 | 351 | 409 | 390 | 428 | 458 | 468 | 483 | 421 |

## Compteur n°2 tëschent der Wemperhaart an der belscher Grenz (all Gefierer):

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Richtung Wemperhaart | 3692 | 3992 | 4141 | 4339 | 4544 | 3664 | 4165 | 4522 | 4519 | 4901 | 5168 |
| Richtung Belsch | 3705 | 3936 | 4048 | 4217 | 4425 | 3574 | 4060 | 4401 | 4417 | 4832 | 4953 |

*Fro 5: Ass fir d'N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart e Reamenagementsprojet an Ausschaffung oder a Planung, vergläichbar mat deem, deen d'Regierung fir d'N7 an d'B7 decidéiert huet? Wa jo, wéi eng konkret Moossname si virgesinn a wéi gesäit de geplangten Zäitplang aus? Wa nee, ass d'Madamm Ministesch bereet, d'Ausschaffe vun esou engem Projet a Betruecht ze zéien?*

De Moment ass kee Reamenagementsprojet fir d'N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wemperhaart geplangt, dee mam Projet op der N7/B7 vergläichbar wier.

D'Stroossebauverwaltung analyséiert awer aktuell d'Virschléi vun der Gemeng Wëntger fir d'Verkéierssécherheet op der N12 an och der N18 ze verbesseren. Donieft gëtt schonn un engem Projet geschafft, fir d'Verkéierssécherheet op der Kräizung vun der N12 mam CR373 tëscht Aasselbuer an dem Antoniushaff ze erhéijen.

Sollten déi lafend Analysen e Besoin opweisen, kënnen zousätzlech Mesuren oder Projeten an d'Ae gefaasst ginn.

Lëtzebuerg, den 14. August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes